Native Village News

Mäerz 2021

Léif Guiden, Scouten a Frënn vum Native Village Neihaischen,

De Virus COVID 19, deen di ganz Welt säit bal engem Joer fest am Grëff huet, beaflosst och 2021 vill Aktivitéiten vun der Ekipp Native Village. Mir sinn eis bewosst, dass keen de Moment viraus soen kann, wéi déi Kris sech weider entwéckelt. Natierlech hale mir eis och un d'Recommandatiounen an d'Decisiounen, déi d'Regierung hellt, fir des Kris ze managen. D'Gesondheet vun eis all huet absolut Prioritéit, an duerfir wësse mir oft eréischt kuerzfristeg, wéi mir eis Aktivitéiten plangen kennen. D'Aarbecht mat a fir eis Jonk sinn enorm wichteg, an dofir wëllen a kennen Lëtzebuerger Guiden a Scouten och weiderhin flott, spannend an ofwiesslungsräich Aktivitéiten ubidden, an als Native Village wëlle mir dobäi hëllefen.

Komm mat! Dat ass de neie Mot d'ordre vun de Lëtzebuerger Guiden an Scouten fir d'Joren 2020-2023. E Mot d'ordre soll en Thema sinn ënnert deem mir

eis all zesumme kënne weider entwéckelen a jiddereen eenzel u sengem Fortschrëtt ka schaffen. Et soll awer och en Thema sinn ënnert deem mir Spaass hunn an Neies erliewen.

E Mot d'ordre leeft iwwer 3 Joer an ass eng Opfuederung fir jiddereen, souwuel Membere wei aner Interesséierter, aktiv bei de Lëtzebuerger Guiden a Scouten matzemaachen. All Joer soll ee vun de wichtegen Themen vum Guidissem a Scoutissem méi an de Fokus geréckelt ginn an et sou de Guiden a Scouten erméiglechen iwwert déi ganz Zäit un hirem perséinleche Fortschrëtt ze schaffen.

Am **1. Joer** stinn Natur an Abenteuer am Fokus, a Beräich wou mir am Native Village jo vill Wäert dropleeën.

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Native Village

Neihaischen
Guide and Scout Centre

scenes
scout centres of excellence for nature and environment

An dese News:

- Editorial
- Ausbleck op dei next Meint
- Bealtaine 2021
- Agenda

E gousse Merci un eis Sponsoren

lalux

VOYAGES VANDIVINIT

BIL

Fir der aktueller Situatioun gerecht ze ginn hunn mir eis Aktivitéiten am Laf vun de leschte Wochen ëmgeplangt a leeën also nach méi Wäert op Outdoor Aktivitéiten a Schaffen a klengen Gruppen, a schléissen eis domat den aktuellen Aktivitéiten vum Verband - den **“Simply ScOUTing”** Aktivitéiten - un.

An dëser Newsletter kritt dir also an “virsiichtegen” Iwwerbléck vun eisen Aktivitéiten an den nächste Wochen a Méint.

Ech wënschen eis alleguer e flott, spannend, léierräicht a virun allem a positiivt Guiden- / Scoutsjoer 2021

Tom Lahr

Ausbléck

21. 3. 2021: « Zero Waste Journée» fir CaraPio

Wärend dëser Journée kréien CaraPio gewisen wéi een säin Alldag mat einfache Gesten a Richtung “Zero Waste” ëmstelle kann. An prakteschen Workshops kréien si gewisen, wéi een selwer Zahnpasta, Deo, Botz- a Wäschmëttel asw. hierstellt.

06.– 09. 04. 2021: Working-Journéen Native Village um Neihaischen.

De Working-Camp an der Ouschtervakanz ass normalerweis e festen a wichtegen Datum ginn an onsem Kalenner. Et ass e wichtegen RDV fir eis, wou mer kleng an gréisser Entretiensaarbechten am Keltenhaus an um Site maachen.

Ënnert der Berécksiichtegung vun den Moossnamen, déi d’Santé betreffend de COVID 19 virschreift, wëlle mir dëst Joer Schaffjournéeë vum 6. bis den 9. 4. 2021 ubidden.

Hei e kuerzen Iwwerbléck iwwert Aarbechten: de Rennuewenschapp gouf geraumt a gëtt an enger nächster Etapp als Outdoor-Kichen nei gebaut; Brennholz fir di nei Saison; d’Keltenhaus gëtt geraumt a gebotzt; Méiaarbechten mam Fräischneider; ...

Vill Aarbecht a vill Spaass. Umeldung: neihaischen@lgs.lu

09. - 11.4.2021: “Into the Wild“ Aféierung an Wildnispädagogik/Coyote Teaching, e Weekend fir “wëll” Cheffen

Cheffen hunn d’Méiglechkeet wärend engem verlängerten Weekend (falls d’COVID-Bestëmmungen et erlaben) sech ganz aktiv, praktesch an geeschteg mat de Begréffer Naturpädagogik; Coyote Teaching an och dem Scoutismus ausernaner ze setzen

D’Inhalter vun esou engem Wildnisweekend sinn:

Feier maache mat verschiddenen Techniken (Drillbou, Feiersteng,...); Ëmgang mam Messer, Beil, Aaxt; Iessbesteck hierstellen aus Holz (Schnëtzen); Schossel brennen; Speerschleider; Hütt aus Naturmaterialien bauen (Laubhütten); Kachen an der Natur (verschidden Techniken); Nëtzlech Kraider kenneléieren an notzen;

Coyote Teaching; Wahrnehmung; Erweiderung vun de Sënner; Spueren am Bësch erkennen a liesen; Intuitioun; Ritualer (Talking Stick); Liëwensrad....

Dëse Weekend ass leider elo schonn komplett ausgebucht

22. - 23.5.201:
9th internationale Bealtaine-festival um Neihaischen

Wéinst der aktueller COVID-19 Pandemie musse mir schwéieren Häerzens och dëst Joer de Bealtainefestival vum 22. – 23. Mee 2021 annuléieren. D'Virverkafsticketen vun 2020 déi schonn verkaaft goufen, sinn och 2022 nach gülteg. Leider kenne mir d'Suen vun de verkaaften Ticketen net rembourséieren. D'Geld an d'Souchen vun de schonn verkaaften Ticketen kennt dir an d'Géisserei schécken, respektiv et iwwerweisen op de Konto vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten c/o Projet Native Village 5, rue Munchen –Tesch L-2173 Luxembourg (BIL : LU42 0020 1828 0207 8500)

Wéi geet et elo weider ? Ginn et Alternativen?

D'Ekipp Native Village huet decidéiert déi 9th Editioun op 2022 ze verleeën, an dat vum 04. – 05.Juni 2022.

Gëtt et en Alternativ-Programm fir 2021?

15. an 16. Mee 2021 : Native Village goes Simply ScOUTing um Neihaischen

Och wann de Bealtainefestival 2021 wéinst der COVID-19 Pandemie annuléiert gouf, wëlle mir eise jonke Memberen eng flott a spannend Alternativ zum Festival bidden, dëst natierlech am Respekt vun den aktuellen COVID-Bestëmmungen.

Dofir wëlle mir eise Biber, Wëllefcher an AvEx een Dag laang bekannten an och nei Spiller an Ateliere am Native Village ubidden; dëst ënnert dem Slogan „Simply ScOUTing Native Village".

De Programm fir Biber, Wëllefcher an AvEx gëtt momentan vun der Programmekipp Native Village ausgeschafft. Bei der Animatioun vun de Spiller a Workshops sinn mir natierlech nach op Hëllef vun eise Mataarbechter ugewisen. Wann dir also Loscht an Zäit hutt, sou mellt iech bei: tom.lahr@lgs.lu

11. - 13.06.2021 Formatioun Continue „Wat Boma a Bopa nach woussten” um Neihaischen

Wärend dësem Weekend bidde mir mat Hëllef vu Fachleit vun der A.s.b.l Wildnis.lu zu verschiddene Themen, wéi Selbstversuergung an Nohaltegkeet praktesch Workshops un. Zil vun dëser Formation continue ass et aalt Wëssen vun eise Grousselteren un déi Jonk a manner jonk Cheffen ze vermëttelen. Fir des Formatioun kritt dir och zwee Paddelen

Um Programm (COVID konform) stinn praktesch Workshops an Infoen zu Themen wéi: Permakultur; Liewensmëttel wéi fréier konservéieren; Wëll Kraider an der Kichen; Uebst akachen; Aleeë, Akachen a Reecheren ; .....

Umeldung: Wéinst der Organisatioun an den COVID Bestëmmungen ass et wichteg, dass dir iech sou séier ewéi méiglech umellt. D'Plazen sinn limitéiert.Umeldung: https://chefbox.lgs.lu/formatioun/umellen/25/

Präis: 50€/Kapp. An dësem Präis sinn Iessen, Iwwernuechtung, Materialien,.... enthalen.

www.nativevillage.lu

www.bealtaine.lu

neihaischen@lgs.lu

https://www.facebook.com/nativevillage.neihaischen

Agenda

21.3.2021	Zero Waste Journée fir CaraPio
6. – 9.4.2021	Working-Camp Native Village
24.4.2021	Biber-MUD um Neihaischen
13. – 14.5.2021	Opriichten Native Village goes Simply ScOUTing
15. – 16.5.2021	Native Village goes Simply ScOUTing
11. – 13.6.2021	Formation continue « Wat Boma a Bopa nach woussten”
12.6.2021	Naturdag fir Wëllefcher um Neihaischeng2.7.2021

Wéi gesäit et mam Rescht vum Programm 2021 aus ?

Mir géifen iech de Programm vu Juni bis November 2021 an enger nächster Newsletter mailen, soubal mir méi Planungssécherheet hunn.

Impressum:

Texter: Tom Lahr

Fotoen: Tom Lahr, Nativ Village

Layout: Marc Sinner

Adress:

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Native Village

1, rue Principale

L-5290 Neihaischen

Tel: +352 357645

Fax: +352 26352166

Mail: neihaischen@lgs.lu

BIL : LU42 0020 1828 0207 8500

lalux

VOYAGES VANDIVINIT

BIL